**Käerjeng: Falscht Zeechen am Kampf géint d'Logementskris! Aschränkung fir Privatleit!**

Freie Wunnraum a mengem Haus, mä ech ka kee bei mir ophuelen, well ech net mindestens 2 Garagen hunn! Genuch Stellplazen op mengem Terrain sollen net méi duergoen!

Bei engem "Changement d'Affektatioun vun engem Haus", zB.: Verloune vun engem miwweléierten Zëmmer oder engem Logement intégré (wann een eng oder méi Persoune bei sech am Haus wunne loosse wëll), soll een obligatoresch mindestens 2 Auto-Stellplazen an enger zouener Konstruktioun brauchen. Dat schléisst da bei alle Reienhaiser a villen existenten Haiser mat just 1 Garage, dës Ëmännerung aus. Fir déi, déi nach Terrain baussen hunn, muss dee versigelt ginn, wat net nohalteg ass, an zousätzlech den Iwwerschwemmungsrisiko eropsetzt. Géif ee Carports erlaben, kéint een en duerchlässege Support um Buedem hunn.

Déi selwecht Remarken zielen och fir d'Verloune vu miwweléierten Zëmmeren a WGen (Wunngemeinschaften), woubäi mir net verstinn, dass d'Reegelen ab 5 Bewunner changéieren.

Haut entscheede vill Leit sech fir eng WG oder e miwweléiert Zëmmer. Dat ass vill gesicht, net just vu Flüchtlingen, mä och vu ville Jonken. Ëmmer méi Leit verzichten och op en eegenen Auto, notzen den ëffentlechen Transport a reservéieren sech just e Flex-Auto wann si mol ee brauchen. Als Gemeng gi mir op de Wee, soziale Wunnraum ze schafe, wat mir begréissen. Mä firwat maache mir et de Privatleit dann esou schwiereg fir och Leit bei sech am Haus opzehuelen, wann si op eemol eleng an hirem groussen Haus sinn? Dat versti mir net a wäerten dës Modifikatioun net matdroen. Mir géifen éischter fir Parkplaze baussen optéieren, déi net versigelt wieren, ob mat oder ouni Iwwerdaach.